1-2020-O-2-6028-01 (n°3302)

ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, de 17. November 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, **datt**

- **d'Regierung et virgezunn huet, de PL 7662 vum Ordre du Jour huelen ze loossen;**
- **de Retrait vum Gesetzprojet net definitiv ass;**
- **de Ministère all Erklärung, wéi en zukünftegen „konstruktiven Dialog" iwwer dëse Gesetzprojet soll ausgesinn, schëlleg bleift;**
- **d'feelend Dialogbereetschaft vum Schoulminister beim Gesetzprojet 7662 fir vill Opregung a Protester gesuergt huet;**

fuerdert d'Regierung op,

- all Usaz an all Tendenz fir eng Privatiséierung vun der ëffentlecher Schoul ze stoppen;
- fir Nominatiounen vun Direkteren an der ëffentlecher Schoul weider exklusiv op Memberen aus dem Enseignantskader zeréckzegräifen;
- ze assuréieren, datt och an Zukunft eng perfekt Beherrschung vun eiser Nationalsprooch an eisen Amtssproochen, d'Konditioun fir Positiounen och an eisem ëffentleche Schoulwiesen bleift.

Fred Keup

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**